N°5214
Reçue le 10.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Här Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5214 vum 11. November 2021 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Huet de Minister den Dossier vum Pelzverbuet schonn op europäeschem Niveau ugeschwat? Falls jo, a wei enge Reuniounen?**

De Landwirtschaftsminister huet den 28. Juni 2021 um EU-Agrarministerrot, zesumme mat 5 anere Ministeren, eng Initiativ iwwert de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an der EU virgestallt.

Dës Delegatioune waren sech eens, dass d'Haltungskonditioune vun de Pelzdéieren net kompatibel mat minimalen Ufuerderungen un den Déiereschutz sinn, dass d'Zuucht an d'Déiden vun Déieren nëmme fir hire Pelz ethesch net vertrietbar sinn, an dass dofir d'Pelzdéierenzuucht an der EU sollt progressiv verbuede ginn.

De Vermaartungsverbuet vun de Pelzen a Pelzprodukten ass awer méi komplex, well do wettbewerbs-an handelsrechtlech Aspekter matspillen, déi iwwert de Kader vun der Agrarpolitik rausginn.

**2. Wei ass de Stand haut vun der europäescher Demarche? Wei eng Partnerlänner huet de Minister identifizéiert, déi d'lëtzebuergesch Approche vum Pelzverbuet deelen?**

Eng ganz Rei vun EU-Memberstaaten ënnerstëtzen ee Verbuet vun der Pelzdéierenhaltung an der EU, ënner anerem Éisträich, Belscht, Kroatien, Holland, Lëtzebuerg, Polen, Slowakei a Slowenien.

Op der anerer Säit ass d'Pelzdéierenhaltung eng Traditioun an de skandinavesche Länner, och wann verschiddener vun hinnen national Sensibiliséierungsaktiounen ugekënnegt hunn, fir d'Pelzdéierenziichter dovunner ze iwwerzeegen, fräiwëlleg mat dëser Haltungsform opzehalen.

**3. Wéini schätzt de Minister, dass ee Verkafsverbuet fir Pelzer op europäeschem Niveau wäert a Kraaft trieden?**

Am Moment hunn di meescht grouss EU-Memberstaaten wéi Däitschland a Frankräich nach keng kloer Positioun zu dëser Problematik festgehalen.

Dofir ass et nach ze fréi, fir elo scho kënnen iwwert ee präzise Kalenner fir de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an enger éischter Phase, an eventuell iwwert de Verkafsverbuet fir Pelzer an enger zweeter Phase, eng Ausso ze maachen.

Luxembourg, le 9 décembre 2021

Le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural,

(s.) Romain SCHNEIDER